adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

**N° 4392**
Reçue le 02.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.06.2021

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister, den Här Finanzminister, d'Madamm Minister fir d'Groussregioun an den Här Transportminister weiderzeleeden.

Enn des Mounts leeft den aktuellen Accord mat eisen Nopeschlänner, iwwer de grenziwwerschreidenden Télétravail aus. Heivu sinn notamment d'Fiskalitéit an d'Cotisatioune vun deene Leit betraff.

Duerfir géif ech der Regierung gär des Froe stellen:

1) Ass un eng Verlängerung vun deene bestoenden Accorde geduecht? Wann net, firwat net?
2) Wéi eng Verhandlunge lafen aktuell mat eise Partner an der Groussregioun fir en disruptiv Auslafe vun dësem Accord ze verhënneren?
3) D'Reduktioun vum Trafic zu Spëtzenzäiten huet och Upassungen am ëffentlechen Transport mat sech bruecht. Sou fiert zum Beispill d'Buslinn 17 vun der AVL, déi de Park and Ride Bouillon mam Stadzentrum (Monterey) verbënnt, säit dem 13. Februar 2021, no 09:16 nëmmen nach am reduzéierten 20-Minutten Takt. Ginn déi eenzel Upassungen am ëffentlechen Transport automatesch zeréckgeholl, wa bis zum 30. Juni keen neien Accord zum grenziwwerschreidenden Télétravail fonnt gëtt, fir deen "neien alen" Zousaztrafic ze kanaliséieren? Wa jo, ginn d'Leit am Viraus iwwer dës Changementer informéiert, fir Duercherneen ze vermeiden?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**
**Service Central de Législation**
**5, rue Plaetis**
**L - 2338 Luxembourg**

Luxembourg, le 5 juillet 2021

| | |
|---|---|
| Agent en charge | M. Armin Skrozic |
| Tel : | 247 86122 |
| Courriel : | armin.skrozic@mt.etat.lu |
| Référence interne | MT/SA/QP/QP N°4392 |

**Concerne : Question parlementaire N°4392 de l'honorable Député Jeff Engelen**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**pr. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire**

**Tom OSWALD**
**Coordinateur général**

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch, vum Här Finanzminister Pierre Gramegna, vum Här Minister fir sozial Sécherheet Romain Schneider an vum Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten François Bausch op d'parlementaresch Fro n° 4392 vum honorablen Deputéierten Jeff Engelen**

Den Télétravail huet zënter dem Ufank vun der COVID-19-Pandemie zur Bekämpfung vun der Ausbreedung vum Virus bäigedroen.

Wat de Volet Fiskalitéit ugeet, erwänt den honorablen Deputéierten a senger parlamentarescher Fro déi bilateral Accorden mat eisen dräi Nopeschlänner, déi et de jeeweilege Frontalieren erméiglechen am Kader vun der Lutte géint d'COVID-19-Pandemie vun doheem aus ze schaffen, ouni steierlech Konsequenzen ze droen.

Wat d'Accorden mat der Belsch an mat Frankräich betrëfft, sou sinn dës op Demande vun der lëtzebuerger Regierung hin bis zum 30. September 2021 verlängert ginn.

Den Accord mat Däitschland gëtt vu Mount zu Mount automatesch verlängert bis ee vu béide Länner den Accord dénoncéiert. Dowéinst muss den Accord mat Däitschland also net formell verlängert ginn.

Betreffend dem Volet vun der sozialer Sécherheet, huet de Ministère vun der sozialer Sécherheet direkt mat den zoustännegen Autoritéiten an der Belsch, Frankräich an Däitschland Kontakt opgeholl fir déi üblech Reegelen net ze appliz éieren, fir d'Pendler, déi ze Lëtzebuerg schaffen mee am noen Ausland wunnen, net ze benodeelege well se dann am Land vun hirem Wunnsëtz missten an der sozialer Sécherheet affiliéiert ginn.

Dës gouf och elo gemaach, laang éier déi aktuell Accorden op en Enn komm sinn. An der sozialer Sécherheet konnten esou d'Accorden mat Däitschland an der Belsch bis den 31. Dezember 2021 verlängert ginn, mat Frankräich bis den 30. September 2021, och wann Lëtzebuerg gefrot huet bis Enn vum Joer ze verlängeren, well op deen Datum a Frankräich eng Partie COVID-19-Dispositiounen auslafen.

Konkret bedeiten dës Accorden datt d'Persounen, déi zu Lëtzebuerg affiliéiert sinn, och iwwer déi 25%-Grenz eraus, déi an der europäescher Reglementatioun definéiert ass, am Land vun hirem Wunnsëtz kënne schaffen (Télétravail) ouni mussen an dem Land affiliéiert ze ginn.

Vu datt also déi verschidden Accorden mat éise Nopeschlänner verlängert gouffen, ass d'Fro vum honorablen Deputéierten betreffend den Upassungen am ëffentlechen Transport an dësem Kontext net relevant.